N° 208
Reçue le 27.04.2021

PIRATEN
PIRATEPARTEI LËTZEBUERG
1A, RUE DE LUXEMBOURG
L-8184 KOPSTAL

Fernand ETGEN
President vun der Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27.04.2021

Här President,

**Am Kader vun der Froestonn vum 27.04.2021 wéilt ech dem Minister fir Kanner a Jugend eng mëndlech Fro stellen.**

Kanner a Jugendlecher sinn oft méi un der Gesellschaft an de Reegelen, déi hiert Liewe prägen interesséiert, ewéi Erwuessener hinnen zoutrauen. D'Virurteel, dass Politik eppes Komplizéiertes ass an dofir näischt fir Kanner oder Jugendlecher wär, schreckt vill Jonker of, obwuel si eigentlech ganz vill Ideen a Virstellungen doriwwer hunn, wéi eng gerecht Gesellschaft auszegesinn hätt.

Fir Kanner a Jugendlechen net d'Gefill ze ginn, dass hier Stëmm am politesche Prozess keng Roll spillt an esou schonns a jonke Joren zu enger Politikverdrossenheet ze féiere, ass et wichteg, deene Jonken d'Politik an d'Bedeitung vun der Demokratie Altersgerecht nozebréngen.

D'Vertrauen an d'Demokratie als Staatsform an d'Iwwerzeegung an enger Demokratie als eenzelen Afloss op säin eegent Liewen, mee och op d'Gesellschaft am ganzen huelen ze kënnen, foussen op Wëssen iwwert d'Institutiounen a reelle Participatiounsméiglechkeeten.

Antidemokratesch a rietspopulistesch – a leider och rietsextrem Gruppéierunge stellen de Wäert vun der Demokratie ëmmer nees a Fro a schwätze leider och ëmmer méi Jonker un.

De Staat kann dësen Tendenzen nëmmen eppes entgéint stellen, wann en déi Jonk eescht hëlt, hier Astellunge kennt an hinnen op dëser Basis altersgerecht Informatiouns- a Partizipatiounsméiglechkeeten ubitt.

**An deem Kontext wëll ech dem Minister fir Kanner a Jugend dës mëndlech Froe stellen:**

- Huet d'Regierung Studien oder Ëmfroeresultater virleien, déi duerleeën, wéi sech d'Demokratieakzeptanz an/oder d'Vertrauen an d'demokratesch Strukturen (wéi z. B. d'Parlament, d'Parteien etc.) bei Kanner a Jugendlechen an de leschte Joren zu Lëtzebuerg entwéckelt hunn?

  Falls jo, kann de Minister d'Resultater knapp ëmräissen an uginn ëm wéi eng Etuden oder statistesch Enquêten et sech handelt?

  Falls nee, gedenkt d'Regierung esou Etuden oder Ëmfroen an Optrag ze ginn?

- Gouf et Initiativen oder Mesuren an de leschte 5 Joer mat deenen de Minister probéiert huet, den Ideeë fir eng gerecht Gesellschaft vu Kanner ënnert 15 Joer eng Plattform ze bidden, wou se kënnen gehéiert ginn?

  Falls jo, wéi eng Ideeë goufe vun der Regierung opgegraff an ëmgesat?

- Gouf et Initiativen oder Mesuren an de leschte 5 Joer mat deenen de Minister probéiert huet, den Ideeë fir eng gerecht Gesellschaft vu Jugendlëcher iwwer 15 Joer eng Plattform ze bidden, wou se kënnen héiere ginn?

  Falls jo, wéi eng Ideeë goufe vun der Regierung opgegraff an ëmgesat?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven Député